Question élargie n° 192
Reçue le 29.06.2023
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 29.06.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

29/06/2023

**Här President,**

**Ech erlabe mir lech doriwwer ze informéieren, dass ech, conformément zum Artikel 82 vum Règlement de la Chambre des Députés, der Ministesch fir Gesondheet eng mëndlech Fro wéillt stellen.**

Laut mengen Informatioune war d'Spidolsapdikt vum CHL (Stand 22ten Juni) a Rupture de Stock wat de Satvia an Indica Cannabis ugeet. D'Piraten hu schonn a sëllege parlamentaresche Froen op aner Rupturen opmierksam gemaach, dëst ënnert anerem an de Froen 895 a 4282 wou de Problem mam verspéite Choix vun engem neie Fournisseur zesumme gehaangen huet. Elo ass awer ee Fournisseur do an et stellt sech d'Fro firwat et dann awer zäitweis nach u Cannabis an de Spidolsapdikte feelt.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Madamm Ministesch dës Fro stellen:

1. Betrëfft dës Penurie u medezineschem Cannabis all d'Spidolsapdikten? Säit wéini sinn dës Zorten net méi disponibel? Wourop ass déi aktuell Rupture zeréck ze féieren?
2. Fir wéini ass déi nächst Liwwerung vu medezineschem Cannabis geplangt? Wat fir Quantitéiten si geplangt?
3. Déi wéi villt Rupture de Stock ass dat elo scho säit Ufank vun der Distributioun vum medezinesche Cannabis? Wat sinn d'Léisungsusätz fir dëse Problem endlech an de Gréff ze kreien?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten